



**Lëtzebuurger
Guiden a Scouten**
Branche Wëllefcher



**Lëtzebuurger
Guiden a Scouten**
Branche Biber

Salut !

*Du hues Dech fir d'Formatioun 1. Zyklus (STIP) bei de Biber oder bei de Wëllefcher ugemellt a mir si frou, Dech op eisem zweete **gemeinsame** Formatiounsweekend, den 20.+21. Abrëll um Neihaischen ze begrëssen.
Hei nach eng Rei Detailer fir dëse Weekend:*

Rendez-vous: Samsdes, den 20.Abrëll 2024 um 9h am Chalet Nic Rollinger.

Schluss: Sonndes, den 21.Abrëll um 17.30 Auer.
Fir de Weekend ugerechent ze kréien, musst du dee ganze Weekend iwwer do sinn.

Matbréngen:

- e Schlofsak, Pyjama, perséinlech Saachen, Schlappen fir am Chalet unzedoen
- de Foulard
- Gezei a fest Schung fir bei all Wieder erauszegoen (mir si vill dobaussen!)
- Schreifgeschir, evt. Musékinstrument
- Täschegeld fir Gedrénks a Bicher (mir hunn e Bicherdesch sur place wou dir Bicher kafe kënnt)
- är ausgefüllte Fiche Médicale
- Dëppecher fir Ravisreschter
- Däi Chef-QR-Code
- et ass verbueden alkoholescht Gedrenks oder illegal Substanzen matzebréngen

De Weekend soll w.e.g. bezuelt sinn ierts du kënns. Iwwerweis dofir 90€ op den LGS Konnt LU87 0021 1828 0032 0000 bei der BILLULLL mat der Mentioun „BiberWellef-STIP-2024“.

Programm:

Um 2. Formatiounsweekend geet et drëms, verschidde Scooutstechniken ze verdéiwen, eng spirituell Veillée ze plangen/matzemaachen, Infos zum Kontakt mat den Eltere vun de Kanner ze kréien oder wéi ee ka mat Kanner mat méi schwierem Verhalen emgoën.. Och deng Animateurs-Fäegkeeten ginn e bessi gekëddelt☺!

Nach Froen?

Schéck eis eng Mail op biber@lgs.lu oder wellefcher@lgs.lu oder ruff /sms dem Cathy Weber (621 486 386) oder Mucky Nicolay (621 433 366).

Info: de Bus 361 bleift virum Chalet beim Arrêt „Iewescht Neihaischen“ stoen.
Denkt u Fahrgemeinschaften wann dir zu puer aus engem Ruddel kommt!

Bescht Gréiss, är Biberekipp a Wëllefchersekip



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux⁺

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reizen mat Stil

BIL BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Biber & Wëllefcher

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

wellefcher.lgs.lu – Email : wellefcher@lgs.lu

biber.lgs.lu – Email: biber@lgs.lu